

*Mariquie*

Lëtzebuerger Theaterbibliothék

No. 64

# Neimoudesch


E Stéck an engem Akt fir Jofferen

vum

Pe'ter GERARD



Lëtzebuerg — Dréckerei a Verlag P. Linden — 1965





#### PERSOUNEN :

1. *Niny*, eng fräsch gebaken Hausfra.
  2. *Ditty*,
  3. *Dolly*,
  4. *Gaby*,
- } Frëndinnen vum Niny.
5. *Gréitchen*, eng al Mod.
  6. *Hortense*, en Déngschtmeedchen.

---

#### ALL RECHTER VIRBEHAALEN

Eng Opféierong ouni schrëftlech Erlabnes vum Verlag  
fällt enner d'gesetzlech Strofen.



#### 1. OPTRËTT.

(*En Zëmmer beim Niny.*)

NINY (*liest an engem Buch. Vu lénks héiert een d'Gréitchen mat den Dëppen hantéieren. D'Niny leet d'Buch op den Dësch a rifft no lénks :*). Marguerite! . . . Marguerite! (*De franséischen Akzent gët schaarf ausgedréckt. Et kritt keng Äntwert vu lénks. Et steet onwëlleg op a geet no lénks an d'Dir.*) Marguerite! . . . Sid Dir daaf?

GRÉITCHEN. Nee, Madam!

NINY. Wuefir äntwert Der dann nët, wann ech Iech ruffen? (*Et kënnt nees zréck an d'Stuff.*)

GRÉITCHEN (*inver ëm Optrieden*). Hutt Dir da geruff?

NINY. Ech mengen esou!

GRÉITCHEN. Abeng, ech hun näischt héieren.

NINY. Dann hutt Dir Stëpp an den Oueren. Ech hun dreimol geruff.

GRÉITCHEN. Ma déi do as net iwel. Ech hun Iech héieren, mä ech hun ëmmer gemengt, Dir géngt ruffen: « Marke Pitt! » Ech duecht, dat wär esou en Held aus Erem Roman.

NINY. Dir sid nët recht bei Verstand! Ech hun Iech dach gesot, dass ech Iech elo Marguerite an nët méi Gréitchen géif nennen. Gréitchen as esou almoudesch; 't as nët modern.

GRÉITCHEN (*bestimmt*). An ech wëll nët anescht geruff gin as wéi Gréitchen. Esou hu meng Grouselteren, meng Elteren, meng Bridder a Sëschteren, meng Mononken a Matanten, meng Kosengen a Kusinnen, meng Frëndinnen an Nopeschen an all meng Herrschaften mech genannt, ech wëll och esou genannt gin bis u mäi läscht Enn. A wien dat nët ka verquëssen, dee kann et erausspäitzen !

NINY (*hält sech d'Oueren zou*). O Gott ! O Gott ! 'T mengt een, 't géngen dräi Peffermillen mateneen jarren. Ech nennen Iech « Marguerite » an domat fini. — Dach, wuerfir as ech Iech geruff hun : As d'Nuechtiesse preparéiert ? Ech wëll nët hun, dass mei Mann muss waarden, wann e vu séngem Büro kënnt.

GRÉITCHEN. A wat gedenkt Iech, Madam ? Elo as et dräi Auer ! Ir ere Mann kënnt, gëtt et der bal siwen.

NINY. Eh bien ! D'Gromperen sin och nët esou huerdeg mëll.

GRÉITCHEN. Ower huerteg verbratscht ! Elo spulle mer emol, an da mache mer de Kaffi, fir wann Er Frëndinne kommen.

NINY. Hutt Dir de Kaffi nach nët fierdeg ?

GRÉITCHEN. Deen huet nach gutt Zäit.

NINY. Fir d'Omelette huet Der all Eer, déi dat weisst Hong haut geluegt huet.

GRÉITCHEN. Dann duerfen Er Frëndinnen ower kee groussen Appetitt hun.

NINY. Wuerfir ?

GRÉITCHEN. Well dat weisst Hong nëmmen een Ee geluegt huet.

NINY. Nëmnen een Ee ! A wivill Eer leet dann en Hong den Dag ?

GRÉITCHEN. Eent, Madam !

NINY. Dat kann dach bal net sin ! Da fiddert Dir se schlecht !

GRÉITCHEN. Fiddert Dir se, wéi Der wëllt, a mat wat der wëllt ; gëtt hinnen Hunneg oder Zocker, méi wéi een Ee leet keen Hong den Dag.

NINY. Je, je, je ! Ech héieren, Dir gëtt al a sid nët méi zeitgeméis.

GRÉITCHEN. Wann ech Iech nët méi gefalen, brauch Der et nëmmen ze soen. Ech kann iwerall eng Plaatz kréien ewéi hei. Der musst wëssen, ech loosse mer nët op der Nues danzen.

NINY. Dat braucht Dir och nët. An — ech wëllt et och nët reskéieren.

GRÉITCHEN. Ech wëllt ower och kengem et roden !

NINY. Nu gitt a maacht, wat ech gesot hun.

GRÉITCHEN. Elo gëtt dat Noutwendegst vir gemaacht. Dat anert huet nach gutt Zäit.

NINY. Dir hutt ze maachen, wat ech Iech ustellen !

GRÉITCHEN. Wat fir Eer soll ech da fir d'Omelett huelen ?

NINY. Elauter vum weissen Hong.

GRÉITCHEN. Dèr as nëmmen eent do.

NINY. Wat hutt Der da mat deenen anere gemaacht ?

GRÉITCHEN. Omeletten !

NINY. Dann huet se, wéi se do sin. An da maacht Der Iech e bëssche fein eraus, fir wa meng Frëndinne kommen.

GRÉITCHEN. Deem ech nët esou gefalen, ka mir de Bockel era lafen! Amstand ech muss mech nach ewell geschwënn och nach pudderen a schminken, mer e Bubikapp schneide loossen a Schong mat Stellzen a kurz Räck dron. Neen, dorausser gët näischt! An elo son ech Iech virof, dass Der mech nët méi «Marguerite» rufft. Och nët herno, wann Er Frëndinnen hei sin; soss paken ech meng siwe Saachen zesummen an ech gin.

NINY. Dir musst mir nët trotzen, soss kënnt Der nach ewell gleich gon, op der Stell.

GRÉITCHEN. Dat soll kengem Geck gesot sin, ewell zënter dass Dir de Kommando hei féiert, as et nët méi wéi fréier. Dir verstitt vun Tuten a Blosen näischt a wëllt een dach vu fréi bis spéit kommandéieren. Der Jomer soll déi nei Mouden huelen! All dat lichtfankeg Geméich, wat modern opgezillt gouf, daagt keen Zantim. 'T as keent amstand, eng Hues ze flécken, vill geschweiges nach eng Zopp ze kachen. (*Et geet no lénk.*) Ech gin! an da gëtt Der emol geléiert, aner Säiten opzéien. (*Of.*)

## 2. OPTRÉTT.

NINY. Gott sei Dank, dass et esou kommt as! Well all Abléck ka mein neit Déngschtmeedchen, dat ech engagéiert hun, kommen. 'T as besser, d'Marguerite, dat Hauskreiz, as fort, ir et kënnt. Ech hätt mech jo mat esou engem Stéck Miwwel bei menge Frëndinnen blaméiert! 'T as an allem esou almoudesch — —

## 3. OPTRÉTT.

HORTENSE (*klappt vu baussen un d'Dir oder 't schellt*).

NINY (*spréngt op a geet d'Dir opmachen*).

HORTENSE (*e Meedche vun 20 Jor, schick gekléd, kënnt eran. Säu ganz Behuelen léisst nët op en Déngschtmeedche schléissen*). Bonjour, Madam! (*Streckt dem Niny d'Hand entgéint.*) Wéi geet et?

NINY. Ah, Dir sid do!? Dat freet mech! Ech hu mat Schmierzen op Iech geward! Meng Frëndinne kommen nämlech haut op de Kaffi. (*Et weist op d'Mëtt.*) Do as Ert Zëmmer. Dir kënnt Iech gleich ëmkleeden an dann de Kaffi préparéieren.

HORTENSE. Er Frëndinne kommen? Da muss ech mein Hor frësch onduléiere loossen. As e Coiffeur nobei? (*Et deet den Hutt of.*)

NINY. Um éischten Eck as een. Mä, Ert Hor brauch dach nuren opgekämmt ze gin, dann as et gutt.

HORTENSE. Ma gewëss, Madam Niny!

NINY (*paff*). Mä — — —

HORTENSE. Haut muss ee mat der Welt mat virun. Haut as en Déngschtmeedchen e Stéck vun der Familjen, an et duerf keen ënnerscheede kënne, ob ech d'Madam vum Haus sin oder Dir. Da's neimoudesch. De Paul Jubert nennt d'Déngschtmeedchen a sengem Buch, dat en iwer d'Verhältnes vun der Herrschaft zum Déngschtmeedche geschriwwen huet: «La fille d'honneur», a mat Recht. Sou as d'modern Welt. Nujee, Dir werd et jo och wëssen. (*Et geet no rechts of.*)

## 4. OPTRÉTT.

NINY. «Sou as d'modern Welt», seet et, a fort as et. Wat soll wuel mei Fernand zu der «fille d'honneur» son? Hien huet esou grous Stécker op d'Marguerite gehalen.

5. OPTRÉTT.

DITTY, DOLLY a GABY (*drei flott jong Meedercher komme vu rechts eragesprongen a falen eent nom aner dem Niny ëm den Hals an drécken a kessen et*).

DITTY. Wat wor dat fir eng Joffer, déi elo hei eraus gong ?

NINY. Dat as meng « fille d'honneur ».

DOLLY a GABY. Fille d'honneur ! ?

DITTY. Wat as dat fir en Instrument ?

NINY. Sou gin déi modern Déngschtmeedercher genannt.

DOLLY. Hues de deng al Mod dann nët méi, vun deers de ons erzielt has ?

NINY. Ech hun dër de Lafpass gin.

GABY. Wuerfir ?

NINY. Si war zevill almoudesch.

GABY. Wann se hir Arbecht gemacht huet. Eng Mod duerf nët modern sin.

DOLLY. Dach, Gaby, bei feine Leit muss alles modern sin.

DITTY. Ech sin och dër Meenong.

GABY. « Chacun a son vilain goût ! » seet de François. Wuer as et dann elo esou gebotzt higangen ?

NINY. 'T as sech onduléiere loossen.

GABY. Pih ! Wéi fein !

DITTY. Ech duecht, 't geng vleicht bei de Pâtissier.

GABY. Dat as net fir d'« Fille d'honneur », dat muss d'Madam selwer besuergen.

DOLLY. Wéi as et, as de Kaffi da fierdeg ?

NINY (*verdrësslech*). Nach nët. Wär d'Meedchen nees erëm !

DITTY. Da kann d'Zeit ons nach laang gin.

GABY. An ech hun en Honger ewéi e Wöllefchen.

DOLLY (*greift d'Niny ëm d'Taille*). Komm, Niny ! Mir zwee maachen de Kaffi. (*Et geet mam Niny no lénks of.*)

NINY (*an der Dir zum Ditty a Gaby*). Exkuséiert esou laang.

DITTY. Huel der ons zwee dann nët mat ?

DOLLY. Dir géift ons nuren hënneren. (*Of.*)

GABY. Soll dat laang zougou, ir de Kaffi fierdeg as ?

DITTY. Dat kann ech beim beschte Wëllen net son.

GABY. Hues du es nach keemols gemaacht ?

DITTY. Ech ? Wuer denks de hin ? ! Ech gin dach nët bei d'Kachmaschin ston. Duerfir as ons Kächen do.

GABY. Ech hun och nach kee gekacht. Ech hun eemol als Kand uecht gedon, wann e soll kachen. Deemols hat ons Mod zu mir gesot, ech soll derbei bleiwen, bis d'Waasser géif dämpfen a walen ; da sollt ech drei Lämmele voll Kaffi dran din — ons Mod wor nämlech bis bei de Metzler gelaaf — mä ech hat mer d'Fangeren um Deckel verbrannt. Zënterhier hun ech mech ëmmer weit genug vun der Kachmaschin eweg gehalen.

DITTY. Mir si jo och nët duerfir do, fir bei der Kachmaschin ze ston. Duerfir sin déi Leit op der Welt, déi keng esou delikat Hänn hun ewéi mir.

DOLLY (*kënnt vu léinks an d'Dir*). Weess keent vun iech, wivill Waasser et muss sin, fir Kaffi ze kachen ?

DITTY. Ech ~~nët!~~ <sup>nët</sup>! (*Zum Gaby.*) Weess du et nët, Gaby ?

GABY. Ech <sup>ne</sup>? Wou hätt ech dat da geléiert ?

DITTY. Am Conservatoire !

GABY. Du häss et jo och kënnen beim Tennis léieren.

DOLLY (*zéit sech nees zrëck*).

GABY. Wär d'« Fille d'honneur » hei ; dat muss et dach wëssen !

DITTY. D'Niny hätt et och elo nët solle fort loossen. Dat Onduléieren hätt och nach muer Zeit gehat.

GABY. D'Niny hätt seng al Mod sollen halen. Ech si vun allem Modernen ageholl, blous net vun deene modernen Déngschtmeedercher. Westesch Clementine kann engem vun deenen e Liddche sangen. Muerges ëm aacht Auer stin s'op, ëm zéng Auer sin se fierdeg mat hirer Toilette ; da sollen s'e puer Stonne schaffen, dann iessen se zu Mëtteg, halen e Mëttestämpchen ; da gin s'eng Stonn frësch Loft schäffen, kommen erheem, drénke Kaffi, maachen e puer Stonnen esou vill wéi neischt ; dann iessen se zur Nuecht, gin an den Zinema oder op de Concert, kommen dann téschent eng an zwou Auer heem a schlofen dann erëm bis muergens aacht. An ~~d'end~~ <sup>d'end</sup> kann d'Madam vum Haus d'Arbecht maachen. Sou maachen déi Neimoudesch et, mei léift Dolly.

DOLLY. O je ! wat eng verkéiert Welt as dat ower hautjesdags ! Dem Niny seng « Fille d'honneur » as och ganz secher d'er moderner eent.

GABY. Dat geseit een op den éischte Bléck. Sief es secher, et denkt nach oft u sein alt Gréitchen.

DOLLY. Wéi sollen sie zwéi wuel dobannen eens gin ? 'T misst een hinne bal son, dass se d'Salz nët vergiessen.

GABY. Fir an de Kaffi ?

DOLLY. Meija !

GABY (*laacht*). Mä Dolly ! An de Kaffi kënnt dach kee Salz. Dat muss de dach nach aus der Schoul hier wëssen.

DOLLY. Hu mir dat dann do geléiert ?

GABY. A secher dat.

DOLLY. Ech hun emol keng Gedanken duerop gestallt. Reicher Leits Kanner brauchen dat jo och nët ze wëssen.

GABY. Mat deene modernen Déngschtmeedercher wär et dach vleicht gutt, wann een et géif wëssen.

DOLLY. Gott sei Dank gëtt et och nach almoudesch ! Dann hält een sech un déi.

GABY. 'T as dat Gescheitst, wat ee ka maachen.

DOLLY. Bleiwe mer, bis dem Niny sei Mann erheem kënnt ?

GABY. Ma gewëss ! Sou jong bestuedte Leit si léiwer fir sech. Dat wär gutt, wann d'Hunnegzeit eriwär wär. Sou en tête-à-tête wëllt keng Zeien hun.

DOLLY. Du hues recht, Gaby ! Du denks an allem méi weit an och méi praktesch wéi mir aner. Du gëss secher eng gutt Hausfra.

GABY. A kengem Fall wëll ech e modernt Déngschtmeedchen. Neen, eng richtig almoudesch Mod vum Land, a keng esou eng zëmperlech « Fille d'honneur ».

NINY (*geseit d'Hortense*). Ah, Dir sid erëm! Dat passt sech jo fein. Da kënnt Der elo gleich Ert Proufstéck am Servéieren ofléen.

HORTENSE. Haut nët, Madam, ech sin ze midd! Haut géng ech selwer gier servéiert gin. Iwregens steet dat jo a Paragraph 4 vun onse Verbandsstatuten. Dir kennt déi dach secher?

NINY. Sou eppes as mir unbekannt!

HORTENSE. 'T as nët méiglech! Da géif Der wuel dun, Madam, wann Der Iech dermat bekannt maache géngt. Ouni dat as e richtegt Sechverston tëschent Madam a « Fille d'honneur » ausgeschloss.

GABY. Wanns de mir géifs follegen, géifs d'op eng « Fille d'honneur » verzichten an du géifs kucken, dass du deng gutt al Mod erëmkreïgs. Wéi seet en alt Spréchwuert: « Esou lang de Biesem nei as, kiert e gutt. » An elei hues d'en neien, deen net gutt kiert; wéi soll en dann eréischt sin, wann en al gëtt!

HORTENSE. 'T gëtt och e Spréchwuert, dat seet: « Wa jidder Mënsch viru senger Dir kiert, kritt e Stépps genug ze schlécken. » Duerfir géif Dir wuel dun, Iech Erer Saachen ze bekëmmere.

DITTY. Wéi gemeng!

DOLLY. Wéi affrontéiert!

GABY. Wat wöllt der hun? 'T as eng « Fille d'honneur », déi hun esou eng nobel Erziehung.

NINY. Eren Toun menge Frëndinnen géintiwer kann ech eemol nët durchloossen. Ech muss Iech bieten, Er Zong am Zam ze halen.

HORTENSE. Wann d'Madam géint hir « Fille d'honneur » Partei ergreift, dann — — —

GABY. Hätt Der besser, Iech eng Madam ze sichen, déi mat hirer ganzer Perséinlechkeet fir hir « Fille d'honneur » antrëtt, wëllt Der son.

HORTENSE (*frech*). Jo, dat wëll ech son, an dat dun ech och. Well mat esou ongebild Persounen kann ech nët auskommen. Glecklecherweis hun ech nach nët ausgepakt. (*Et geet durch d'Mëtt of.*)

## 8. OPTRËTT.

GABY. Noblesse oblige!

DOLLY. E wonnerleche Kauz, esou eng « Fille d'honneur »!

DITTY. Looss mer ons net weider driwer ophalen, Kanner, soss gëtt onse Kaffi kal.

NINY. Du hues recht, Ditty. (*Et geet lénks of.*)

GABY. Meng Stëmmong as fort. Esou eppes Affrontéiertes geet mir zevill op d'Nerven.

NINY (*kënnt vu lénks an huet an deer enger Hand e Plateau mat Zockergebäcks an an deer anerer e Plateau, wourop e Bonnt leit*).

## 9. OPTRËTT.

HORTENSE (*kënnt duerch d'Mëtt mat der Rees-täsch an der Hand an den Hutt um Kapp. Iwerdeems et de Kapp no hannerzeg werft, seet et:*) Onse Verband zéit meng Reeskäschten a meng verlueren Zeit bei Iech an. (*Stolz wéi e Spuenier geet et rechts of.*)

10. OPTRÉTT.

(*Si laachen him alleguert no.*)

GABY. 'T soll een ower son! Da kris de nach eng grouss Facture vum « Syndicat des filles d'honneur » zouggeschéckt.

DOLLY (*dat e Schotz Kaffi gedronk huet*). A wéi schmaacht dei Kaffi, Niny?

NINY. As en net gutt?

GABY. Schmaach emol! (*Si schmaachen alleguert.*)

DITTY. A wouno schmaacht deen?

NINY (*dat och geschmaacht huet*). Ech hu vleicht zevill Salz dra gedon.

DITTY. Oder nèt genug!

GABY. Du werds kee Salz an de Kaffi gedon hun!

NINY. Mä dach! E gudde Grapp voll.

GABY. Mei léift Kand, an de Kaffi kënnt dach kee Salz.

NINY (*schléit un ze kreischen*).

DOLLY. Kreisch dach nèt, Niny! Déi Saach as net esou schlëmm. Elo kache mir es gleich ouni Salz dran.

GABY (*zum Dolly*). Ech si mat! Des Kéier kache mir zwee es emol.

DOLLY a GABY (*lénks of*).

NINY. Wat maachen ech nuren haut den Owend? Ech ka méngem Mann nèt kachen. Elo stin ech schéin do.

11. OPTRÉTT.

GRÉITCHEN (*kënnt vu lénks an hieft schwéier un enger grousse almoudescher Malle*). Wëllt Der esou gutt sin, fir mer mei Mount Loun ze gin, Madam?

DITTY. Hei d'Gréitchen! Dir did nach hei?

NINY. Géif Der nèt wölle bleiwen, Gréitchen?

GRÉITCHEN. 'Fällt mer schwéier, fir fort ze gon, wou ech esou laang hei am Haus war. Well ech ower ze almoudesch sin, muss ech enger Neimoudescher Plaatz maachen, oder as et Iech scho leed gin, dass Der esou granzeg mat mer wart? Färt Der, 't géiwen haut den Owend Zortessen, wann den Här erëm kënnt?

NINY. Gréitchen, loosse mer vergiessen, wat geschitt as; ech sin iwerzeegt, dass mer ons vun haut u besser verstin. Sot, Der bléift, da krit Der honnert Frang de Mount weider.

GRÉITCHEN. Da muss Der mir verspriechen, mech nie méi Margritt ze vernennen an Iech nèt ëm meng Arbecht ze këmmeren, well ech weess, wat ech ze maachen hun.

NINY. Der sollt Iech an Zoukonft nèt méi ze bekleen hun.

GRÉITCHEN. Dajee, da bleiwen ech nach dës Kéier.

DITTY (*leeft an d'Dir lénks a rífft*:) Kanner, kommt huerteg eran!

DOLLY a GABY (*kommen eran*).

DITTY. Loosst dir d'Kacherei elo sin, d'Gréitchen hei mecht ons elo emol richtege Kaffi.



GABY. An da gèt et es ouni mat Salz.

DOILX. Vive d'Grèitchen !

ALL. Vive d'Grèitchen ! A vive den ale Mound !

